

Musik, Marketing & Gehälter

Guy Engels

Am September huet d'Philharmonie hier Saison 2010/2011 opgemaacht – an dat wéi gewinnt mat engem musekaleschen Topevenement. Éischten Invité am Concertshaus um Kierchbierg war de Gustav-Mahler-Jugendorchester ënnert der Leedung vum Herbert Blomstedt. Solist war de Bariton Christian Gerhaher, deen dem Mahler seng *Lieder eines fahrenden Gesellen* interpretéiert huet. Als zweete Komponist huet sech en anere grouse Symphoniker op de Programm gesellt: den Anton Bruckner. Vun him gouf déi 9. Symphonie gespillt.

Eng Woch méi spéit war et um Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg, fir an dat neit Museksjoer ze starten. An och den OPL hat sech net lompe gelooss a fir den Optakt de russesche Pianist Evgeny Kissin engagéiert, deen a leschter Zäit net nëmmen duerch seng musekalesch Konscht vu sech schwätzen deet, mä och duerch seng konfus a radikal politesch Theesen iwwert den israelesch-arabesche Konflikt, wou en all Frënn vun den Araber als seng perséinlech Feinde betruecht.

Als lescht hate sech dann den 20. September d'Solistes Européens, Luxembourg presentéiert, fir hieren Depart an déi nei Saison, déi éischt ënnert der Responsabilitéit vum neie Chefdirigent Christoph König. Wéi de Christoph König dem Orchester eng nei Nues verpasst, wéi hie senger Programmation en originellen Touch wëllt ginn, dat hu mer jo scho während deene puer Gaaschtoptrëtter am Laf vum Joer erlieft. Mat deenen Erfahrungen däerfe mer eis roueg op eng spannend musekalesch Saison freeën.

Datselwecht gëlt natierlech och fir d'Philharmonie an den OPL, déi eis mat flotte Programmen an interessanten Invitée wäerte verwinne. Méi spannend ass am Ablack allerdéngs dat, wat sech hannert de Kulisse vu béiden Institutionen ofspillt. Kuerz virun der grousser Vakanz hat d'Kulturministesch

Octavie Modert bekanntlech matgedeelt, dat den OPL an d'Philharmonie a spéitstens annerhallwem Joer fusionéiere sollten. Ziel vun dësem wichtege Aschnëtt ass et, d'Organisation an de Marketing z'optimiséieren a selbstverständlech och, fir Suen ze spueren. Och wa Philharmonie an OPL eegestänneg Organisationne si mat enger eegener Keess, leschtendlech kommen d'Suen jo awer virop aus dem Kulturministère – also aus engem Dëppen.

Am Kontext vun där Fusioun huet sech Mëtt August och den OGB-L zu Wuerd gemellt. Der Gewerkschaft geet et selbstverständlech ëm d'Uleies vun de Mataarbechter vun der Philharmonie a vum OPL, a si beschwéiert sech, datt am Gremium, deen d'Fusioun soll virbereeden, d'Salariéen net vertruede sinn. Et sollt een awer net vergiessen, dat d'Kulturministesch och Gespréicher mat der Delegation vun den Orchestermuseker hat, déi eng Fusioun géife begréissen.

Et bleift allerdéngs, datt d'Gehälter eng vun deene quokelege Froen an dësem Dossier sinn, well d'Aufgaben jo och esou komplett ënnerschiddlech sinn. Op där enger Säit deen éischter administrative Beräich, op där anerer Säit d'Museker mat hie ganz spezifischen Déngschtpläng. Dat alles muss an d'Gesamtiwwerleeunge mat afléissen, wéi een zwou juristesche verschidde Strukturen – den Etablissement public Salle de Concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte an d'Fondatioun Henri Pensis – ënnert een Hutt bréngt.

All déi Gespréicher lafe schonn, an et däerf ee gespaant sinn, wat um Enn derbäi erauskënnt a wéini déi Fusioun effektiv gëtt.

An där Perspektiv kënne mer eis vläicht elo schonn op d'Rentrée 2011/2012 freeën.